



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil Max Hahn an der Ministesch fir Konsumenteschutz Martine Hansen op d'parlamentaresch Fro n°3393 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer d' Subscriptionsgébuhren an den Wunnstrukture fir eeler Léit.

- 1) Wéi ass d'Praxis gereegelt, no där Pfllege- a Seniorenheemer héich Souscriptiouns- oder Garantiegebühren erhiewen dierfen, fir eng Opnam bannent enger bestëmmter Frist oder eng Reservatioun ze garantéieren?

Virop sief ugemierkt, dass dës Praxis vu Reservéierungskäschten déi absolut Ausnam bei de Wunnstrukture fir eeler Leit duerstellt. Dës Praxis ass net spezifesch gereegelt.

Wéi an rezenten Äntwerten op d'parlamentaresch Froen (N°2453 vum 11. Juni 2025 an N°3174 vum 11. November 2025) präziséiert, intervenéiert de Ministère net an der Präispolitik vun de Wunnstrukture fir eeler Leit, well dëst als fräie Maart ugesi gëtt.

- 2) Wéi eng Garantien hunn d'Leit hei am Híbléck op Verbraucherschutz souwéi am Kader vum Gesetz vum 23 August 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées?

D'Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit, gesäit vir, dass d'Wunnstrukture fir eeler Leit hir Präisser an engem ëffentleche Register (www.infosénior.lu) musse publizéieren an aktuell halen, fir Transparenz ze garantéieren an de Clienten en informéierte Choix z'erméiglechen. Den Artikel 11 vum genannte Gesetz präziséiert och, dass den Hebergementsvertrag d'Konditiounen an d'Modalitéiten vun der Kautioun, d'Oplëschtung an d'Präisser vun den Zousazleeschungen, souwéi d'Modalitéiten fir d'Remboursementer am Fall vun Absence oder Hospitalisatioun muss enthalten.

Ganz allgemeng ass et och sou, dass d'Relatiounen tëschent engem Professionnellen an engem Konsument och den Regeln vum Code de la consommation ënnerléien. Duerfir applizéieren sech fir nëmmen dës ervirzesträichen de Verbuet vun sougenannten mëssbräuchlechen Klausen an engem Vertrag oder och nach déloyal Pratiqen, déi di eeler Leit schützen.



3) Wéi gëtt deene Leit gehollef, déi keng finanziell Mëttel hunn, fir dës Reservéierungskäschten am Viraus ze bezuelen (zum Beispill iwwert de Fonds National de Solidarité)?

Wéi an der Äntwert op d'Fro 1) geschriwwen, stellt dës Praxis vu Reservéierungskäschten déi absolutt Ausnam bei de Wunnstrukture fir eeler Leit duer.

Donieft sinn d'Preventioun an de Kampf géint d'Aarmut eng iewescht Prioritéit vun dëser Regierung, speziell och wat d'Altersaarmut betrëfft. Esou sinn net nëmmen iwwer déi lescht Joer eng ganz Partie Mesuren direkt ëmgesat ginn, ewéi d'Verdäifachung vun der Energieprimm an der Erhéijung vun der Allocation de vie chère, mee et ass och ënner der Leedung vum Familljeministère den alleréischten nationalen Aktiounsplang géint d'Aarmut ausgeschafft a presentéiert ginn fir d'Problematik vun der Aarmut an all hire verschiddenen Dimensioun an op eng transversal Manéier unzegoen.

Spezifesch a Bezuch op d'Ënnerstëtzung vun eelere Leit mat engem niddregen Akommes sief op zwou nei Hëllefeng higewisen: zum enge d'Aide financière pour personnes âgées (AFPA), an zum aneren de Complément pour personnes âgées (COMPA), déi allebéid den 1. Januar 2026 a Kraaft getruede sinn.

D'AFPA riicht sech u Persounen déi an engem Stot mat niddregem Revenu liewen an entweder eng Alters- oder Hannerbliwwenepensioun kréien, oder op mannst 65 Joer hunn. Déi nei Hëllef gesäit eng Ënnerstëtzung an Héicht vu bis zu 2400 Euro d'Joer fir eng eenzel Persoun vir, a gëtt, grad ewéi d'Allocation de vie chère an d'Energieprimm, automatesch un d'Revis-Bezéier ausbezuel.

Alternativ kënnen déi Persounen, déi net déi néideg finanziell Mëttel hu fir de Pensiounspräis vun enger Wunnstruktur ze bezuelen, eng direkt finanziell Participatioun bei den Hebergementskäschten beim Fonds national de solidarité ufroen. De COMPA huet als Zil, dass all Persoun vun enger adequater Prise en charge ka profitéieren, an Accès zu enger Wunnstruktur fir eeler Leit huet.

Mat dësem neie Gesetz, dat d'Chamber den 9. Juli eestëmmeg ugeholl huet, ass och en neie Mechanismus fir d'Berechnung vum Montant vum Complément geschaf ginn, deen sech op eng, alljärelech nei berechent, national Moyenne vun de Pensiounspräisser vun all den Eenzellogementer baséiert.

Zousätzlech ginn iwwer d'Majoratioun fir essentiell Servicer a Produiten Käschten iwwerholl fir Produiten an Déngschtleeschungen, déi noutwendeg si fir dignement kënnen am Alter ze liewen: den Entretien an d'Bereetstellen vun der Wäsch, Hygiènesproduiten, an den Accès zu Kommunikatiounsméiglechkeeten. Donieft hunn d'Leit mam neie Gesetz och Urecht op e sou genannten Täschegeld an Héicht vun 630 Euro de Mount.



4) Fënnst d'Regierung et gerecht, datt d'Leit héich Virausbezuelunge leeschte mussen, och wann d'Leeschungen net genotzt goufen? Wäert hei eppes geännert ginn?

Ewéi am Artikel 11 vum Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit definéiert ass, mussen esou Dispositiounen kloer am Kontrakt festgehale ginn:

„Sans préjudice d'autres dispositions contractuelles, le contrat d'hébergement (...) indique le prix du logement et des prestations et services visés à l'article 3, paragraphe 1er, points 1° à 4°, y compris les montants éventuels à rembourser en cas d'absence ou d'hospitalisation ainsi que les modalités de remboursement“.

An deem Sënn schützt d'Gesetz déi potenziell Clienten, andeems all déi relevant Informatiounen, dorënner déi genannte Virausbezuelungen, grad ewéi d'Modalitéite vum Remboursement, am Kontrakt festgehale musse ginn an d'Clienten eng informéiert Decisioun kënnen treffen.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn